FSHCL

FÉDÉRATION SAINT-HUBERT DES CHASSEURS
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG A.S.B.L.
Sous le Haut Patronage de Son Altesse Royale le Grand-Duc
Organisation pour la Protection de la Nature agréée par arrêté ministériel du 3 octobre 2005
Bureau : 15, rue de l'Ecole L- 9167 MERTZIG
Tél. 26 880 988 ou 621 294 453 Fax : 26 880 989
E-mail: info@fshcl.lu – Internet: www.juegd.lu ou www.fshcl.lu

Mäerzeg, den 28. November 2020

**Pressematdeelung vun der FSHCL zum Thema**

**Covid-19 a Klappjuegd**

Trotz de ville gudde Gespréicher déi mir di lëscht Deeg mat verschidde Minister, Direkter vun der Santé, Juristen, verschidden 1er Conseiller de Gouvernement an och de Responsabel vun der Juegd bei der Ëmweltverwaltung, asw..... gefouert hunn, hält d'Madame Ëmweltminister un hirer fixer Iddi fest an huet d'Klappjuegd bis de 15. Dezember 2020 verbueden.

Bei onse belsch, franséisch an däitschen Noperen ass de Lockdown nach méi streng ewéi bei eis! Do däerfen a sollen awer d'Jeeër mat engem koherenten Hygienekonzept (deen och mir hei zu Lëtzebuerg der Direktioun vun der Santé presentéiert hunn) weider Klappjuegten ofhalen.

Leider ass et méi einfach mat enger Argumentatioun, déi mat den Hoer erbäigezunn ass, alles ze verbidden, ewéi sech zesummen un een Dësch ze sëtzen an ze kucke fir e Plang auszeschaffen deen eis erlaabt eisen Ofschossplang ze erfëllen, an domadder de Wëldschued signifikativ ze reduzéieren.

D'FSHCL huet elo Affekoten domadder chargéiert fir de juristeschen Deel vun dësem Verbuet ze analyséieren a gegebenenfalls juristesch Schrëtt anzeleeden.

D'Konditioune fir eng Klappjuegd solle kloer sinn a mussen och rigouréis agehale ginn. Dann ass et ouni Zweiwel méi sécher am Bësch ewéi zu dausende beim Black Friday an der Staat oder engem Akafszentrum.

Mir hunn e Juegdgesetz mat enorme Flichten a Reglementer, mir solle Seuchen, Wëldschued asw..... verhënneren. An en Fin de Compte produzéiere mir nach e gesond an natierlecht Liewesmëttel dat an dëser Zäit vill consomméiert gëtt.

Wann Ideologie méi wichteg ass ewéi de kloren Mënscheverstand, dann ass et natierlech schwéier op e gemeinsamen Nenner ze kommen.

FSHCL